

9. 5691 - Projet de loi portant approbation du Protocole sur la modification de l'Accord instituant une Commission internationale pour le Service international de Recherches, signé à Berlin, le 26 juillet 2006

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 06.03.2007

10. 5692 - Projet de loi portant approbation des Accords entre l'Union économique belgo-luxembourgeoise et certains pays tiers concernant l'encouragement et la protection réciproques des investissements

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 06.03.2007

11. 5693 - Projet de loi portant approbation de l'Accord de coopération concernant un système mondial de navigation par satellite à usage civil entre la Communauté européenne et ses États membres, d'une part, et la République de Corée, d'autre part, signé à Helsinki, le 9 septembre 2006

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 07.03.2007

12. 5694 - Projet de règlement grand-ducal relatif à la participation du Luxembourg à la mission d'observation de l'Organisation pour la Sécurité et la Coopération en Europe des élections législatives en Arménie

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 07.03.2007

13. 5695 - Projet de loi-cadre sur l'eau

Dépôt: Monsieur Jean-Marie Halsdorf, Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire, le 08.03.2007

14. 5696 - Projet de loi promouvant l'habitat, créant un «pacte logement» avec les communes, instituant une politique active de maîtrise du foncier et modifiant certaines dispositions du Code civil

Dépôt: Monsieur Fernand Boden, Ministre des Classes moyennes, du Tourisme et du Logement, le 08.03.2007

15. 5697 - Projet de loi portant approbation de la Convention des Nations Unies contre la corruption, adoptée par l'Assemblée générale des Nations Unies à New York le 31 octobre 2003 et ouverte à la signature à Mérida (Mexique) le 9 décembre 2003

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 12.03.2007

16. 5698 - Projet de loi: - portant approbation de la Convention du Cap du 16 novembre 2001 relative aux garanties internationales portant sur des matériels d'équipements mobiles et de son Protocole portant sur les questions spécifiques aux matériels d'équipement aéronautique; - portant adaptations et modifications de la loi du 29 mars 1978 concernant la reconnaissance des droits sur aéronef pour certaines catégories de biens aéronautiques

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 12.03.2007

17. 5699 - Projet de loi relative à la recherche et à la sanction des violations des droits des consommateurs

Dépôt: Monsieur Jeannot Krecké, Ministre de l'Économie et du Commerce extérieur, le 13.03.2007

3) Trois pétitions ont été remises à la Chambre des Députés.

En date du 12 février 2007 la «Initiativ Roude Léiw» a remis la pétition N°277 sou-tenant la proposition de loi 5617.

En date du 14 février 2007 le Conseil communal de Rambrouch a remis la pétition N°278 concernant la fermeture éventuelle des bureaux des Postes à Rambrouch.

En date du 15 février 2007 l'Association Générale des Ingénieurs Techniciens de l'État (AGITE) a remis la pétition N°279 concer-nant la sauvegarde du diplôme d'ingénieur industriel à l'Université du Luxembourg.

4) Cinq nouvelles demandes d'interpellation ont été introduites.

Par lettre du 5 mars 2007 Monsieur le Député Félix Braz a informé le Président de la Chambre qu'il désire interpeller le Gou-vernement au sujet de l'évolution future de notre système de pensions.

Par lettre du 6 mars 2007 Monsieur le Député Xavier Bettel l'a informé qu'il désire interpeller le Gouvernement sur les sujets suivants:

- les problèmes d'application du partenariat;
- l'éventuelle introduction dans la législation luxembourgeoise du mariage et de l'adop-tion pour les couples homosexuels;

- les nouvelles formes de parentalité.

Par lettre du même jour, Madame le Député Colette Flesch l'a informé qu'elle désire in-terpeller le Gouvernement sur le respect de l'équilibre entre sécurité publique et libertés individuelles.

Par lettre du même jour Monsieur le Député Alexandre Krieps l'a informé qu'il désire in-terpeller le Gouvernement sur les sujets sui-vants:

- les grossesses et les avortements chez les filles mineures;
- le problème des drogues.

Par lettre du 9 mars 2007 Monsieur le Député Robert Mehlen l'a informé qu'il désire interpeller le Gouvernement au sujet des mesures visant à réduire les émissions de gaz à effet de serre et des stratégies de prévention et de limitation des dégâts que va générer le changement climatique.

5) Par lettre du 28 février 2007 le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre des Députés le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 31 janvier au 1<sup>er</sup> fé-vrier 2007:

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord de coopération scientifique et technolo-gique entre la Communauté européenne et la République de Corée;

- position sur la proposition de règlement du Conseil relatif à la conclusion de l'accord de partenariat dans le secteur de la pêche entre la Communauté européenne et la Ré-publique gabonaise;

- résolution sur «Promouvoir une alimen-tation saine et l'activité physique: une dimension européenne pour la prévention des surcharges pondérales, de l'obésité et des maladies chroniques»;

- résolution contenant des recommanda-tions à la Commission sur les délais de prescription applicables dans le cadre des litiges transfrontaliers en réparation de pré-judices corporels ou d'accidents mortels;

- résolution sur les relations de l'UE avec les îles du Pacifique - Stratégie pour un part-e-nariat renforcé;

- résolution contenant des recommanda-tions à la Commission sur le statut de la so-ciété privée européenne.

## 2. 5681 - Proposition de loi relative à la modification de la loi modifiée du 20 juillet 1992 portant modification du régime des brevets d'invention – Auteur: M. Henri Kox

## 5682 - Proposition de loi portant modification de la loi du 14 février 1955 concernant la réglementation de la circulation sur toutes les voies publiques – Auteur: M. Carlo Wagner

### Déclaration de recevabilité

An hirer Réunioun vum 8. März huet sech d'Präsidentekonferenz fir d'Recevabilitéit vun zwou Propositions de loi ausgeschwat. Et handelt sech heibäi ëm d'Proposition de loi vum Här Henri Kox iwwert d'Brevets d'in-vention, an ëm d'Proposition de loi vum Här Carlo Wagner iwwert d'Circulatioun op den öffentleche Weeër.

Schleisst d'Chamber sech dem Virschlag vun der Präsidentekonferenz un?

### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 3. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ube-laangt huet d'Präsidentekonferenz Folgen-des virgeschloen:

- Haut de Mëtteg héiere mer vum Statsmi-nister eng Deklaratioun zum 50. Joresdag vun de Réimesche Verträge. Uschléissend bezéien d'Fraktiounen an d'Sensibilités poli-tiques Stellung während jeeweils zéng Minutten, beziehungsweise fënnef Minutten;
- duerno komme mer zur Question avec débat vum honorabelen Här Negri iwwert de Benelux-Traité;
- als drëtte Punkt hu mer eng Froestonn un d'Regierung;

- uschléissend eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun deene Gréngen iwwert d'Sécherheet am Schraasseger Prisong

- a schlussendlech de Second vote consti-tutionnel iwwert d'Verfassungsännerung 3923C.

Muer um hallwer dräi hu mer um Ordre du jour:

- Fir d'éischt eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun der DP-Fraktioun iwwert d'Problematik vum Suicide;

- eng Aktualitéitsstonn op Ufro vun deene Gréngen iwwert de Mëssbrauch vu Medika-menter;

- d'Question avec débat Nummer 14 vum Här Claude Adam iwwer eng franséisch-sproocheg Filière an der Privatschoul Notre-Dame

- a schlussendlech verschidden Änne-rungsvirschléi vun eisem Chamberregle-ment.

Iwwermuer, och um hallwer dräi:

- de Second vote vum Projet 4992 iwwert d'Sociétés commerciales;

- duerno d'Projeten iwwert d'Sociétés com-merciales, d'TVA, d'Union postale univer-selle

- a schlussendlech d'Projets de loi 5648 a 5649, en Ofkommes tëschent de Benelux-Staten an de Länner Bosnien-Herzegowina a Mazedonien iwwert d'Readmissioun vu Persounen, deenen hir Openthaltskondi-tiounen net reguliséiert sinn. Béid Projete ginn an enger Diskussioun behandelt.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

### (Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

## 4. Hommage à M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, à l'occasion de son intronisation, en date du 12 mars 2007, en tant que membre associé étranger à l'Académie des Sciences morales et politiques de l'Institut de France

Éier ech dem Statsminister elo d'Wuert ginn, fir seng Deklaratioun zum 50. Joresdag vun de Réimesche Verträge ze maachen, wéilt ech soen, datt et mer eng Freed ass am Numm vun der Chamber kuerz op e wich-tege Moment zrëckzekommen, nämlech déi émouvant a feierlech Zeremonie, déi mer gëschter, ganz genee viru 24 Stonnen ëm dës Zäit, ënnert der Coupole vum Institut de France erlieft hunn. Gëschter ass de Stats-minister Jean-Claude Juncker zu Paräis offi-ziell an d'Académie des Sciences morales et politiques vum Institut de France opge-holl ginn als Membre associé étranger.

De Jean-Claude Juncker ass deen éischte Lëtzebuerger an dësem eminenten Institut. A mir sinn houvreg drop, datt de Lëtze-buerger Statsminister Member an esou enger bedeitender a renommierter Aka-demie ginn ass. Eise Statsminister ass selbstverständlech a gudder Gesellschaft an dëser Akademie. Et sinn eng ganz Rei vu bekannte Perséinlechkeete wéi zum Beispill de Carl Friedrich von Weizsäcker, de spue-sesche Kinnek Juan Carlos, de fréieren UNO-Generalsekretär Javier Pérez de Cuéllar an de fréieren tschechesche Pre-sident Václav Havel oder och de Poopst Benoît de XVI., déi hei Member sinn. Op der Plaz 12 ass eise Statsminister de Suc-cesseur vum fréiere senegalesesche Pre-sident Léopold Sédar Senghor, deen emi-nenten afrikaneschen Dichter, Politiker a virun allem och Visionär.

De Choix vun der Akademie éiert eise Stats-minister, mä en éiert och eis alleguer an en éiert d'Land. Am Numm vun der ganzer Chamber wëll ech dem Statsminister eis hærzlech Félicitatioune soen, him soen, datt hie kann houvreg sinn, an him soen, datt mir eis mat him freeën.

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Merci.

» Plusieurs voix.- Très bien!

### (Applaudissements)

» M. le Président.- Voilà! Elo huet den Här Statsminister d'Wuert,...

### (Interruption)

» Mme Colette Flesch (DP).- Elo ass hien immortel.

» M. le Président.- ...fir seng Dekla-ratioun ze maachen iwwert de 50. Joresdag vun de Réimesche Verträge. Här Statsmi-nister, Dir hutt d'Wuert.

## 5. Déclaration de M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, à l'occasion du 50<sup>e</sup> anniversaire de la signature du Traité de Rome, suivie d'un débat

» M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État.- Här President, Merci fir Är léif Wieder. D'Madame Flesch, déi mer och d'Éier gemaach huet gëschter zu Paräis derbäi ze sinn, huet elo just gesot, ech géif elo zu den Onstierfleche gehéieren. Ech géif, well dat fir eng gewëssen End-emotioun am Land gesuergt huet, soen, dass dat reng symbolesch gemengt ass. An als een, dee sech och hei am Haus schonn heiansdo onstierflech blaméiert huet,...

### (Hilarité)

...net nëmmen hei am Haus, sinn ech frou iwwert déi Kompensatioun, déi d'franséisch Republik mer do offréiert.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, de 24. a 25. März feieren d'Stats- an d'Re-gierungschefe vun der Europäescher Unioun an der däitscher Hauptstadt - bis viru wéinege Joren nach eng gedeelte Stad am Hæرز vun Europa - de 50. Gebuertsdag vun der Europäescher Unioun.

Dir wësst aus Ärem perséinleche Liewen, mir wëssen aus dem Liewe vun eise Famil-len, dass dat esou eng Saach ass mat de Familjentreffen. Wa mer éierlech sinn, freet ee sech net ëmmer dorop, an et freet ee sech: Muss ech dohinner goen? A wann ech dohinner ginn, wat maachen ech ei-gentlech do? Wat hunn ech nach mat deene Leit, déi deeselwechten Numm hu wéi ech, gemeinsam? Gëtt et nach eppes, wat mech zwéngend an dee Krees vu menger Famill do erandreift oder ginn ech mer net selwer duer? Sinn ech net selwer dichteg genuch? Brauch ech déi aner iwwerhaapt? Brauch ech déi, déi deeselwechten Numm droe wéi ech? A wat sinn dat fir Leit a sinn dat eigent-lech nach déiselwecht Leit wéi déi, déi viru laange Joren eis Famill grënnn hunn?

A wann een dann e bëssen do ass, well et muss ee jo awer dohinner goen, no e puer Stonnen, heiansdo eréischt ganz zum Schluss, stellt sech dann awer op eng bal wundersam Aart a Weis - nodeem ee wochelaang gezéckt huet, ob een iwwer-haapt soll dohinner goen - dat Gefill an: Dach, mir gehéieren awer zesummen. Och wa mer eis heiansdo op eisen eegene Liewensweeër auserneebewegen an eis mat eiser eegener Konjunktur, mat eisem eegenen Ego staark beschäftegen; wa mer dann esou zrëckdenken un den Ursprong vun eiser Famill, an dann eigentlech, well mer deen Ursprong dann als eppes ge-meinsam Verflüchtendes emfannen, och un dat, wat de Moment lass ass an der Famill, da mierkt een awer dach: Mir sinn eng Famill an eigentlech sinn ech oui déi Famill net ganz vill wäert.

An esou, mengen ech, ass et och mat der Europäescher Unioun a mat där kontinen-taler Famill, déi sech an der Europäescher Unioun zesumme fonnt huet. An dofir fuereen ech och gär op Berlin, fir mat de Stats- a Regierungschefen, Kollegen, vill vun hinne Frënn, vun der Europäescher Unioun dee 50. Gebuertsdag do ze feieren; grad, ob-schonn ech déi Feier eigentlech am Ufank, wéi ech iwwert déi Familljefeier nogeduecht hunn, léiwer zu Roum gesinn hätt stattfan-nen, op Berlin. Well et gëtt keng Stad an Eu-ropa, déi esou symbolträchteg ass fir dat, wat Europa geschitt ass, wat Europa mat sech selwer gemaach huet a wat Europa mat deenen aneren an der Welt gemaach huet, wéi grad déi Stad, déi a Stécker ge-rappt gi war an déi stoung symbolträchteg, mä och a Wierklechkeet, fir deen terriblen Nokrichsdécret, deen eigentlech gewollt hätt, dass Europa op éiweg géif a min-destens zwee Lager gespléckt bleiwen.

An dat ass eng gutt Plaz an eng gutt Ge-leeënheet, fir Europa emol eng Kéier